



SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques



Objet: Bréif un d'Elteren / représentants légaux am Kader vum Projet Bicycool

Léif Elteren,

Madamm, Monsieur,

An Zäiten, wou ëmmer méi vu « mobilité douce » geschwat gëtt, de Schoulparking oft iwverfëllt ass, a vill Leit all Dag Stonnen am Stau verbréngen, ass et wichteg, datt mir déi kommend Generatioun fit fir de Vëlo maachen, fir datt si als Erwuessener de Vëlo als ekologescht a gesond Fortbewegungsmëttel notze kënnen. Am Kader vum Projet « Bicycool : Mat Freed a Sécherheet Vëlo fueren » kënn d'Ekipp vum SCRIPT bei Äert Kand an d'Schoul fir Spiller an e flotten Hindernissparcours mam Lafrad ze maachen.

Dës Aktivitéit fënnt an der Sportshal statt an d'Kanner brauche Follgendes:

- Turnschong oder Strëmp mat rutschfeste Suelen
- T-Shirt a Short oder Jogging
- E Vëloshelm

Mir stellen d'Lafrieder fir all d'Kanner zur Verfügung a Vëloshelmer fir déi Kanner, déi keen hunn.

Am Fall, wou Dir nach Froen hutt, steet Ärem Kand seng Léierin/säi Schoulmeeschter lech gäre Ried an Äntwert.

Mat beschte Gréiss,

Luc Weis

Direkter